01 | 2024

# REWA NEWS



Bei eis sidd Där doheem.
säit 2012

CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

## EDITORIAL

- Alain Willet

## VIRWUERT

- Nathalie Morgenthaler

## RÉCKBLÉCK

- Festivitéiten

## VERSCHIDDENES

- Billerausstellung
- De Fräsch vun der Waassertrap
- Loi qualité
- Responsabel vum Departement Hotellerie
- Coordinatrice assurance dépendance
- Parcours Stèles
- Heemrot
- Train your brain
- De Programm
- Nei Mataarbechter
- Et hunn eis verlooss
- Gléckwënsch vun eise Bewunner



# IMPRESSUM

ZEITUNG VUM: CIPA Résidence Op der Waassertrap
REDAKTIOUN: Residenten, Tamara Abate, Flora Oliveira
LAYOUT: Tamara Abate, Flora Oliveira
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA Résidence Op der Waassertrap
ADRESS: Résidence Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en Don
LU51 0019 7355 2951 5000 (BCEE)
INTERNETSITE: www.cipa-sanem.lu

# EDITORIAL



Léif Bewunner vun der Résidence op der Waassertrap, léif alleguer,

En neit Joer huet ugefaangen an niewent engem Bilan ass et dann och d´Méiglechkeet ze kucken, wat mer eis fir 2024 virgeholl hunn.

Dat sougenannten ASFT-Gesetz, wat d´Relatiounen tëscht dem Staat an den Ariichtungen am Beräich Soziales, Famill an Therapie reegelt, ass am Hierscht gestëmmt ginn an trëtt den 1. Mäerz a Kraaft.

D´Ëmsetzung vum Gesetz ass am Moment amgaang a mer sinn zouversiichtlech, dass mer de gréissten Deel bis zum Stéchdatum vum 1. Mäerz ëmgesat hunn.

D´Informatik an d´Dokumentatioun vun de Prestatioune gëtt ëmmer méi wichteg. Dowéinst si mer zanter e puer Joer amgaang en neie Logiciel ze implementéieren am REWA. De Wiessel op den neie Programm ass fir dat éischt Trimester 2024 virgesinn.

No eiser Enquête de satisfaktioun 2023 bei de Bewunner, Familljen an eisem Personal si mer amgaang d´Resultater auszewäerten, fir internen deemnächst d´Aktiounen ze presentéieren, déi mer wëlles hunn dëst Joer ëmzesetzen.

Ëmmer an der Suerg e beschtméiglechst Encadrement unzebidden, schaffe mer dëst Joer och intensiv drun, fir datt eist Haus eng Zertifikatioun kritt an der Stierfbegleedung.

Et ass kloer, dass vill Erausfuerderunge virun der Dier stinn, mee mat kompetenten a motivéiertem Personal a mat der Ënnerstëtzung vum Gestionnaire si mer prett fir deen Defi unzegoen.

Ech wënschen Iech eng flott Lektür vun eiser neier Ausgab vun der REWA-NEWS.

Alain Willet

# VIRWUERT



Léif Leit aus der Résidence op der Waassertrap,

Ech hoffen, dass dës Editioun Iech all a beschter Verfassung fënnt, obwuel mir leider hei zu Lëtzebuerg an och op der ganzer Welt an deene leschte Méint groussen Erausfuerderungen ausgesat waren. Elo hu mir 2023 hannert eis gelooss, e mouvementéiert Joer, gezeechent vu Kricher déi net zu Enn ginn, Energie- a Klimakris, Inflatioun, Produktiounsenkpäss asw. Donieft goufen et och hei zu Lëtzebuerg zwee wichteg politesch Rendez-vouse mat de Gemengen- an Nationalwalen. Wéi Där sécherlech wësst, ass an eiser Gemeng d'LSAP-CSV Majoritéit bestätegt ginn a mär wäerten eis als Schäfferot selbstverständlech weiderhi mat vollem Asaz engagéieren an dëst och fir Är Uleies.

An eiser aller Numm wéilt ech dem Personal villmools Merci soe fir hiren alldeeglechen Asaz fir Äert Wuelbefannen am leschte Joer. Si ginn hiert Bescht fir datt Där Iech bei eis am Haus wéi doheem fillt. Erlaabt mir heimat och ee Gedanken un all déi Léit, déi eis am Laf vum Joer 2023 verlooss hunn an domat gedenken ech perséinlech speziell u meng léif Boma, déi bis Dezember 2023 an Ärer Mëtt gewunnt huet. 2024 schloe mir zesummen en neit Kapitel op, an der Hoffnung op eng besser Zukunft. Ech profitéiere vun dëser Geleeënheet fir Iech an all äre Léifsten e gléckelecht a gesond neit Joer ze wënschen.

Passt gutt op Iech op.

Chères résidentes, chers résidents de la Résidence op der Waassertrap,

J'espère que cette édition vous trouve en bonne forme, malgré les grands défis auxquels nous avons été exposés au Luxembourg et dans le monde entier pendant ces derniers mois.
Nous avons laissé derrière nous l'année 2023, une année mouvementée empreinte de guerres, de crises énergétiques et climatiques, d'inflation, de pénuries de production, etc.
En outre, au Luxembourg deux rendez-vous politiques importants ont eu lieu avec les élections communales et nationales. Comme vous devez le savoir, dans notre commune, la majorité LSAP-CSV a été confirmée et le collège échevinal ne manquera pas de s'investir à fond et ce, bien entendu, également pour votre bien-être.

Au nom de nous toutes et tous, je tiens à remercier le personnel de la Résidence op der Waassertrap pour son engagement quotidien en votre faveur tout au long de l'année écoulée. Il fait de son mieux pour que vous vous sentiez comme chez vous. Permettez-moi d'avoir une pensée pour toutes celles et tous ceux qui nous ont quittés au courant de l'année 2023 et permettez-moi d'avoir une pensée particulière pour ma grand-mère bien-aimée qui a vécu avec vous à la Résidence op der Waassertrap jusqu'en décembre 2023. Maintenant que nous avons tourné la page vers une nouvelle année, je vous souhaite, à chacune et chacun d'entre vous, ainsi qu'à vos proches, une saine et sereine année 2024.

Prenez bien soin de vous.

Nathalie Morgenthaler

# FESTIVITEITEN

Iwwert d'Wanterméint kruten eis Bewunner héije Besuch vum Kleeschen a vu sengem Gesell, dem Houseker. Titercher a Rutte goufe verdeelt a bei Käschten a Glüwäi konnten eis Bewunner mat hire Familljen e schéine Moment verbréngen.

Fir am Feeling vun der Chrëschtstëmmung ze bleiwen, huet eisen traditionelle Chrëschtbasar stattfonnt. Hei ginn d'Chrëschtdekoratiounen, d'Keramik an d'handgemachen Artikele vum Doft vun den Eisekuche verzaubert.

De Bewunner hir Häerzer schmëlzen all Joers erëm, wann d'Kanner aus dem Kannercampus ronderëm d'Haus, mat de Chrëschtlidder, fir e mageschen Moment suergen.

Hellegowend goufen eis Bewunner mat engem schéine Chrëschtconcert vum talentéierte Pit Majerus um Piano verwinnt.

Fir d'neit Joer unzestoussen, goufe Gléckwënsch bei engem Patt a Schnittercher iwwerbruecht.








# BILLERAUSSTELLUNG



Den 10. Dezember war den Vernissage vum Foto Concours “De Minett” bei ons an der Cafeteria, deen organiséiert gouf vum Photo Club Gemeng Suessem a Collaboratioun mam CIPA Résidence op der Waassertrap ënnert dem Patronat vun Kulturkommissioun vun der Gemeng Suessem.

Theema war de Minett, wat aus him ginn ass, wéi en sech developpéiert huet oder d’Natur sech seng Rechter zeréckgeholl huet. Eng Jury, bestoend aus engem Member vum Fotoclub, engem aus dem REWA an engem aus der Kulturkommissioun, huet am November déi dräi Gewënner bestëmmt, déi um Vernissage vun der Mme Buergermeeschter geéiert gi sinn.

Gewonnen huet den Här Marc Kugener, op déi zweete Plaz koum den Här Jos Boggiani virum Här Mars Lepine op der drëtter Plaz.



Am groussen Ganzen hu 16 Hobbyfotografen deelgeholl. Hir Fotoen sinn als Ausstellung bis Februar bei ons am CIPA ze bewonneren. Duerno ass d’Ausstellung fir ee Mount am Zolwer Eck ze gesinn, éier se definitiv an de CIPA zeréckkënnt.

# DE FRÄSCH VUN DER WAASSERTRAP

De Fräsch vun der Waassertrap goes Olympia!

Am Kader vun den olympesche Summerspiller déi dëst Joer a Frankräich stattfannen, gouf dëse léiwe Fräsch vun eise Bewunner kreéiert. All Bestellung gëtt mat ganz vill Freed vum Service Éducatif entgéintgeholl fir en Austausch vu 25 Euro.



# LOI QUALITÉ



La loi du 23 août 2023 porte sur la qualité des services pour personnes âgées et prend effet le 1er mars 2024.

Cette loi met la personne âgée au centre de toutes les attentions. Elle met l'accent sur la qualité et la transparence des services et des prestations dont peuvent bénéficier les personnes âgées et ce dans un souci de respect, de dignité et dans l'intérêt de ces personnes.

La nouvelle loi organise l'action des organismes gestionnaires intervenant dans les domaines du vieillissement, du maintien à domicile et du long séjour en structure d'hébergement pour personnes âgées.

Elle prévoit également de clarifier les spécificités en matière d'infrastructure et d'adapter la dotation en personnel afin de garantir une présence suffisante de personnel qualifié pour assurer un encadrement de qualité des résidents.

L'accent de la loi est notamment mis sur la transparence. Un registre sera ainsi créé afin que les différents établissements y publient les services et prestations proposées.

Un conseil supérieur des personnes âgées est également créé. Il est chargé de conseiller le ministre et d'examiner les problèmes se rapportant aux personnes âgées et de faire des propositions d'amélioration.

À noter également que la dénomination « CIPA » ne sera plus d'actualité dès le 1er mars. Notre établissement s'appellera dès lors « Résidence Op der Waassertrap ».

Emilie De Temmerman

# RESPONSABLE DU DÉPARTEMENT HÔTELIER



En tant que responsable du département hôtelier, mon rôle va au-delà de la simple gestion des services de restauration, de l'entretien et du service technique. Collaborant étroitement avec une équipe dévouée comprenant le chef de cuisine, la responsable de l'entretien, et les responsables du Restaurant, du service technique, et la coordinatrice qualité et sécurité, nous travaillons ensemble pour créer une expérience hôtelière exceptionnelle pour nos résidents.

Une part essentielle de mon rôle consiste à personnaliser les services au quotidien, en particulier en partenariat avec le chef de cuisine. Nous nous efforçons d'offrir des repas adaptés aux préférences et besoins diététiques spécifiques de chaque résident, transformant chaque repas en une expérience culinaire sur mesure. Une facette importante de mon rôle consiste également à soutenir les producteurs locaux, favorisant ainsi l'intégration de produits frais et locaux dans nos menus, et à promouvoir des pratiques écologiques au sein de nos services.

La collaboration avec le responsable du service technique et de l'entretien souligne notre engagement envers des espaces impeccables et des solutions techniques rapides, garantissant ainsi un environnement propre, sûr et fonctionnel pour nos résidents et collaborateurs.

Travaillant de concert avec la responsable du restaurant occupe une place centrale, allant au-delà de la simple prestation de services. Nous favorisons l'interaction entre les résidents, créant une atmosphère chaleureuse et conviviale. Cela inclut non seulement le service en salle, mais aussi l'organisation de fêtes et la gestion du point d'accueil, contribuant ainsi à créer un environnement accueillant et festif.

En conclusion, en tant que responsable du département hôtelier intégrée au comité de direction, nous élaborons des concepts novateurs, gérons le budget et supervisons divers projets, contribuant ainsi au bien-être global des résidents et des collaborateurs. Ma direction assure une collaboration, garantissant un confort personnalisé et une qualité de vie exceptionnelle pour chaque résident, faisant de notre résidence un lieu unique et bienveillant, en mettant particulièrement l'accent sur l'accueil, le restaurant, le service et l'image de marque vers l'extérieur.

Jérôme Ney

# COORDINATRICE ASSURANCE DÉPENDANCE



J'ai le plaisir de vous informer de ma récente nomination en tant que coordinatrice assurance dépendance au sein de notre établissement. Cette nouvelle fonction me permettra de jouer un rôle central dans la gestion, la coordination et le suivi des demandes de prestations auprès de l'assurance dépendance.

Ma mission consistera à assurer une gestion transparente dans la rédaction des demandes et dossiers de prestations pour nos résidents. J'accompagnerai également les membres de la cellule d'évaluation lors de leurs visites auprès des résidents au sein de l'établissement.

Je travaillerai également en étroite collaboration avec les services soins, thérapeutique et éducatif pour le suivi de la documentation nécessaire à la rédaction des dossiers et demandes.
Je me réjouis de relever ce nouveau défi professionnel. N'hésitez pas à me contacter pour toute question relative à l'assurance dépendance.

Sandra Lopes

# PARCOURS STÈLES

Chaque année, la Résidence Op der Waassertrap organise une soirée commémorative en souvenir des résidents et résidentes qui nous ont quittés au cours de l'année précédente.



Nous invitons leurs familles et proches à venir se souvenir ensemble des bons moments partagés avec eux.

Parce que nous ne voulons jamais oublier aucun résident, aucune résidente, nous dévoilons, à l'issue de cette soirée, une stèle du souvenir, où le nom de chaque résident figure.

Ces stèles, où sont repris les noms des résidents qui ont séjournés à la Résidence Op der Waassertrap depuis les 9 dernières années, sont désormais exposées le long d'un « parcours du souvenir » dans le parc principal du CIPA et le jardin de l'UPG.

# HEEMROT



Den Här Jos Boggiani ass en neie Member vun eisem Heemrot. Hien ass de Vertrieder vun de Residentë vun der Unité psycho-gériatrique (UPG). Dir kënnt Iech un hie wende fir all Uleies, dat Är Familljemembere betrëfft.

Am Heemrot, deen eng berodend Funktioun huet, a sech als Bindeglidd tëscht de Residenten an der Direktioun versteet, geet et drëms, fir de Residenten déi beschtméiglech Liewensqualitéit ze garantéieren. An deem Gremium, deen sech all puer Méint eng Kéier trëfft, soll versicht ginn, op d'Besoine vun de Gäscht, déi Dir fir si formuléiere kënnt, anzegoen. All Virschlag vu Verbesserungen, déi d'Gestioun vum UPG-Beräich (Propretéit, Kommunikatioun tëscht de verschiddene Verantwortlechen ënnerteneen a mat de Familljen, d'Animatioun, d'Ariichtung, asw.) betreffen, si wëllkomm a gi besprach.

Am beschten ass et, wann Dir Är Doleance schrëftlech un hie riicht op dëser E-Mail-Adress: gial52@pt.lu


An der nächster Sëtzung vum Heemrot kommen se dann zur Sprooch.

**Kloerstellung zum Artikel aus dem REWA NEWS 03/12/2023**

Betreffend onsen Artikel iwwert de neien Heemrot, mussen zwou Saache kloer gestallt ginn.

1. Mme Karier Renée huet onsen Heemrot komplettéiert. Mir heeschen se wëllkommen.
2. Am Artikel stoung: ***" Dës Lëscht kann nach duerch Experten oder Mataarbechter vergréissert ginn"***! Dat heescht, dass wa spezifesch Punkten op der Dagesuerdnung sinn kann een nach Leit punktuell alueden. Also ass et net virgesinn d'Lëscht permanent ze erweideren.

# TRAIN YOUR BRAIN



# DE PROGRAMM

### Januar 2024

| | |
|---|---|
| 23.1. | Männersortie |
| 30.1. | SP/SP CIPA REWA–SERVIOR Déifferdeng am CIPA REWA um 10.00 |
| 30.1. | Familljenowend um 19.00 |

### Februar 2024

| | |
|---|---|
| 8.2. | Fuesmatinée am CIPA REWA vun 14.00-17.00 |
| 14.2. | Ile aux Clowns am CIPA REWA |
| 20.2. | SP/SP SERVIOR Diddeleng-CIPA REWA zu Diddeleng um 10.00 (just fir d’Ekipp) |

### Mäerz 2024


| | |
|---|---|
| 4.3. | Schungverkaf Klutsch am CIPA REWA um 10.00 um 1.Stack |
| 12.3. | SP/SP SERVIOR Réimech-CIPA REWAzu Réimech um 10.00 (just fir d’Ekipp) |
| 13.3. | Ile aux Clowns am CIPA REWA |
| 24.3. | Ouschterbasar vun 11.00-17.00 |
| 28.3. | Gebuertsdagsfeier UPG 14.30-17.00 |

### Abrëll 2024

| | |
|---|---|
| 20.4. | Gebuertsdagsfeier /Thé dansant mam Patrick Wilmes vun 14.30-17.00 |

# SUMMERZÄIT

D’Auer gëtt den **31. Mäerz** um 3 Auer nuets eng Stonn no vir geréckelt.



Iwwert all spontan Sortie gi Dir via eis Pinnwand, déi beim Restaurant hänkt, informéiert.

Mellt Iech wgl. bei der Animatioun un.

# NEI MATAARBECHTER

Ech heeschen Ney Jerôme a si Responsabel vum Département Hôtelier.



Mäin Numm ass Ramos Barros Nainicelle Soraia an ech schaffen um BF1.



Ech heeschen Meyer Estelle an schaffen am Service Thérapeutique.



Mäin Numm ass Bianco Rosalinda an ech schaffen am Restaurant.



Ech heesche Mbadinga Kombila Eric-Jospin a schaffen um BF1.



Mäin Numm ass Carvalho Da Cruz Déborah an ech schaffen um BF2.




Ech heesche Carvalho Silva Erica an schaffen um BF1.



Mäin Numm ass Gaspar Almeida Tatiana Filipa an ech schaffen um BF1.



Ech heeschen Agostino Dario an schaffen um BF2.



Mäin Numm ass Rommes Julie an ech schaffen um BF2.



**Mir heeschen all eis nei Mataarbechter wëllkomm.**

# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| Mme Kremer Marie-Emilie | +28/10/2023<br>am Alter vun 81 Joer |
| Mme Bowé-Barthel Henriette | +9/11/2023<br>am Alter vun 89 Joer |
| Mme Flammang-Thill Thea | +23/11/2023<br>am Alter vun 88 Joer |
| Mme Zeyen Schroeder Victorine | +24/11/2023<br>am Alter vun 91 Joer |
| M Kunnert Alfred | +24/11/2023<br>am Alter vun 66 Joer |
| Mme Avarello Sciascera Gilda | +1/12/2023<br>am Alter vun 90 Joer |
| M Oth Marc | +9/12/2023<br>am Alter vun 82 Joer |
| M Sand Marco | +16/12/2023<br>am Alter vun 71 Joer |
| Mme Koster-Kunsch Irène | +27/12/2023<br>am Alter vun 92 Joer |



Sich dir e gudde Partner fir dech ze bestueden.

Et muss een eemol dëst Joer e Cabillaud iesse well do si keng Sprenzen dran a vill Fleesch drun.

Et soll ee bleiwen ewéi een ass.

Fridden an eng gutt Gesondheet.

Et soll een unhuele wat d'Liewen engem gëtt.

D'Joer ass vergaangen, D'Joer geet weider, Vill Gléck, vill Gléck am neie Joer.

## Wat eis Bewunner iech mat op de Wee gi fir dat neit Joer!

D'Joer 2024 soll gutt goen.

Tous ensemble c'est le principal.

Ech wënschen all de Kanner schéi Momenter wéi mir se hei hunn.

Et soll ee keng Dommheete maachen an sech awer ameséieren.

E ganz schéint Liewen.

Dass et jidderengem gutt geet.

© 2024

CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1